

Luxemburg 0lf/Klaudem 0DM


LUXI

Nº 1/1991



LSK

Letzebuerger Studenten zu Kaiserslautern



VIERWUERT

Wochenzettel

Waat Dier elo an den Hänn haalt, ass én Monumentalwierk vun engem Luxi. An deser Form ass et nach nie eng Zeitung vum L.S.K. gin. Mär hoffen en gefällt lech grad esou gudd ewéi eis.

Wén nach Ideen huet, waat én un desem Luxi nach kéint verbesseren, déن soll se wann ech geliftt fier sech behaalen.

No der Généralversammlung mat der Wahl wou et esou grouss Iwersachungen gouf, huet eng Réi Leit gemengt, de Comité géif aus elauter "Greenhornen" bestoen, an wier démno zu naischt fäheg. Dat dest net der Wourecht entsprecht, beweist schon desen Luxi, an an desem Moosstab hun mier och welles weider ze fueren. Och wellen mier dozou baidroen, dass den L.S.K. sain Ruf als Spuer- an Sportverein e bessen oofbauen kann.

Fier daat nait Joer hun mier e selechen Aktivitéiten geplangt; mat där enger oder aaneren Iwwerraschung wärt och nach ze rechnen sin.

E groussen Merci soen mier all dénen Leit déi zum Entstoen vun deser Zeitung baigedroen hun; én décken Merci selbstverständlech och un all eis Sponsoren.

Eist bleiwt nach lech vill Erfolleg am Studium an eng flott Zäit zu K-Town ze wenschen.



Fier de Comité

Tom MAJERES

D'Wuert vum Präsi

III. Salut, ob jidéi meippe am d'Vierwuert vum LUXI? Wéi esou d'Vierwuert vum LUXI?

Wéi ech méng Kandidatur als LSK-Präsident gestalt hun, haat ech ganz vergiess, dass de Président d'Vierwuert vum LUXI schréiwen muss. Nujé, elo muss ech ében drun gléwen.

Fier unzefánken soen ech am Numm vum Comité all dénen Leit Merci, déi daat ganzt Joer matgeschafft hun. Ech hoffen, dass d'Zesummenarbecht och dest Joer esou gudd ewéi bis elo wärt klappen.

Zu dénen Aktivitéiten déi démnächst an d'Haus stin gehéieren:

- * den Uni-Fasch, wou mer mat Schampes fier déi néideg Stemmung wärten suergen,
- * d'Luxi-Fete ufanks vum Summersemester am Kramladen,
- * den Nationalféierdaag zu Hohenecken,
- * d'Uni-Sommerfest, wou et op eisem Stand hoffentlech erem fömpft,
- * de Semesteroofschloss zu Letzebuerg,
- * én historeschen Stadtrundgang duerch Kaiserslautern,
- * eng Visite bei engem letzebuergeschen Betrieb,
- * én Nuetsrallye zu Kéi-town
- *

Wanns Du nach Vierschléi hues, färt net fier dem Comité se ze nennen!


Nodéms d'REEL am Wantersemester 1990/91 zu KL zu Gaascht waar- et huet esou guer alles wonnerbaar geklappt- stét fier d'Wantersemester 91/92 erem eng gréisser Festivitéit virun der LSK-Dier: **10 JOER LSK !** Och dess Gelégenhét mussen mär notzen, fier eis Uni zu Letzebuerg méi bekannt ze maachen. Nach emmer kennen vill ze mann Firmáen d'Uni Kaiserslautern, an wessen net dass 160 Letzebuerger hai studéieren, wouvun der e gudden Dél an Zukunft wärten färdeg gin. Zu den geplangten Aktivitéiten wärten enner aanerem Firmenprésentatiounen an eng GZVA (lies Gehiir-Zellen-Vernichtungs-Aktiuon, daat héisch Féte) gehéieren. Och haifier sin all Idéen wellkomm!

Well ech wés dass d'Zait vun engem Student kostbar an begrénzt ass, soen ech elo Äddi bis an der Cafétéria oder um Stammdesch.

Ären naien Präsi, de *FREDDY*


COMITE '90-'91

Präsident:	Meis Freddy	Gottlieb Daimler Str. 10 (ESA) 8, Op der Leng, 8522 Beckerich	☎ 29980 ☎ 62026
Vice-Präsident:	Michels Alex	Theodor Heuß Str. 21 114, Rue Michel Weber, 9089 Ettelbrück	☎ 16750 ☎ 82836
Sekretär:	Schütz Michel	Kurt Schumacher Str. 14 16, Rue Metzler, 3328 Crauthem	☎ 25909
Vice-Sekretär:	Maes Romain	Gottlieb Daimler Str. 10 (ESA) 17, Rue Haute, 6680 Mertert	☎ 29980 ☎ 74409
Caissier:	Beissel Jean	Theodor Heuß Str. 21 4, Route du Vin, 5405 Bech-Kleinmacher	☎ 16750 ☎ 69191
Sportsminister:	Majeres Tom	Kurt Schumacher Str. 14 10, Rue Federspiel, 3391 Peppange	☎ 25909 ☎ 517072
G.O.	Feidt Jeff	Kurt Schumacher Str. 62 41, Rue de la Foret, 7227 Bereldange	☎ 29278 ☎ 339531
Magasinier:	Betz Romain	Benzinoring 28 12, Rue Leon Thyes, 2636 Luxembourg	☎ 65641 ☎ 439479
	Hardt Paul	Kurt Schumacher Str. 18 1, Rue Principale, 9375 Gralingen	☎ 26532 ☎ 90208



10-00 ETIMOD

10-00 ETIMOD





Deutsche Küche, italienische und persische Spezialitäten

ALLE SPEISEN AUCH ZUM MITNEHMEN !

Offnungszeiten:

Mo. - Do.	1000 - 100 Uhr	Mo. - Fr.	1130 - 1430 Uhr
Fr.	1000 - 200 Uhr	und Samm.	1730 - 2400 Uhr
Sa.	1700 - 200 Uhr	Sa.	1730 - 2400 Uhr
So.	1700 - 100 Uhr	So.	1730 - 2400 Uhr

Küchenöffnungszeiten:

WOCHENPLANG VUN ENDEM EISCHTSEMESTER

Mär sin dei Eischtsemestler,
a feieren all Daag Fester.
Schon Meindes owes geet et lass,
dann fleisst mei Beier wei Loft duerch d'Strass.
Meeschtens begeint ais den Daiwel a Gestalt
vun engem klengen Hannen-Alt.
Denschdes sinn mär erem richteg fresch,
bis speidstens owes um Stammesch.
Mä egal wei vill mär der huelen,
vun ais vergessst keen ze bezuelen.
Mettwochs am Way-Up,
get et eng fatzeg an den Kapp.
Sin mär dann 'rem total saat,
gett sech op den Wee gemaat.
Knapps doheem an eiser Stuff
get direkt den Jöörg! geruff.
Donneschdes hun mär aisen fraien Daach,
da get d'Aarbecht fier d'ganz Woch gemaach.
Freides fueren mier no Letzeburg,
awer och do dreiwen mär et zimlech uerch.
Samschdes owes am Melusine,
saufe mär bis dass mär nett mei stinn.
An sinn mär dann nees greislech schlecht,
hunn d'Beiergeeschter sech gerächt.
Sonndes pennen mär de ganzen Daach,
an owes gett sech op den Wee gemach.
Mär treffen ais am Stammlokal,
an sin erem eng Woch mei aal.

Di Kleng an dei Well

WAAT AS D'ANEIL??

INFORMATIOUNEN FIER EIS EISCHTSEMESTER!

Déi villeicht wichtegst Verénegung (nom L.S.K. natierlech) fier d'Ingénieurstudenten ass ouni Zweifel d'Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois, kuerz ANEIL genannt.

Wéi den Schockmel Paul an sénger Roll als Président op der Généralversammlung vum L.S.K. probéiert huet e puer Memberskoarten un eis nai Eischtsemester ze verkaafern, hun vill vun hinnen gemengt: "Waat? Schon erem eng Memberskoart vun 200 Frang! Waat maachen ech dann domat?"

Vill vun eisen Eischtsemester wessen secherlech net genee, waat des Associationen duerstellt, dofier probeieren ech iech d'ANEIL an desem Artikel e bessen méi no ze bréngen. Et woar den 2. Januar 1958, wéi e puer Ingénieurstudenten vun allen méiglechen Universitéiten aus Europa d'Grennungsversammlung vun der ANEIL oofgehaalen hun. Vum éischten Daag un huet d'ANEIL sech als Zwischenstation zweschen Industrie an Studenten gesinn. Dofier sinn och nach haut d'Visiten an der Industrie eng vun den Haaptaktivitéiten vun der Associationen, fier dass d'Ingénieurstudenten sech fréizeiteg e Bild vum Ingénieur am Berufsliewen maachen kennen. An den 80er Joeren huet d'ANEIL net manner ewéi 39 Visiten zu Letzebuerg an am Ausland organiséiert.

Hai eng kleng Opzielung: Du Pont de Nemours, Goodyear, Centrale Nucléaire de Cattenom, Chemical Research Center vun Shell, ARBED, Eurosol, Galvalange

Périodesch kennt och én périodique, den BULLI, eraus, dén an enger Oplaag vun emmerhin 650 Exemplairen gedréckt gett. D'Chreschtdaachsrés, déi d'Ingénieurstudenten schon op Grenobel, Parais, Amsterdam, München an d'lescht Joer op Prag gefouert huet, ass mettlerweil och én festen Bestanddél vum jährlechen ANEIL's-Programm. Besonnesch déi lescht Rés op Prag haat én immensen Succès ze verzéchnen, well emmerhin 75 Leit matgefuer sinn. (Op esou enger Rés ass emmer eppes lass, wéi én sech liicht vierstellen kann!)

Eng weider wichteg Veranstaltung ass déi traditionnel Table Ronde déi all Joer Kaarfréides stattfennt. Op deser Table Ronde sin all d'Personalchefen vun den groussen Firmen vu Letzebuerg vertrueden. Si ginn do bekannt wifill Ingénieursen si astellen, wéi eng Ufuerderungen un den Ingénieur an séngem Beruf un hien gestaltt gin. Desweideren informéieren si iwwert d'Méglechkeéten déi et gett, fier an hieren Firmen Stagen an Diplomaarbechten z'absolvéieren. Och ass d'ANEIL all Joer op der Foire de l'Etudiant zu Letzebuerg an op der REEL vertrueden, fier iwwer den Ingénieursberuf z'informéieren. Geplant ass och d'Publicatioun vun der Brochure "Le profil de l'ingénieur" am März vun desem Joer.

De Program fier d'Joer 1991 gesait esou aus:

- Januar/Fébruar: den naien Comité exécutif stellt sech bei folgenden Firmaen
fier: ARBED, Du Pont, General Motors, Goodyear, TDK, BIL
28. März: Visite Goodyear
29. März: Table Ronde, Présentatioun vun der naier Brochure
- Mé: Visite an der Industrie (Paul Wurth, Villeroy & Boch)
- 13.-14. Juli: Visite am Ausland (Fokker, Holland)
- Oktoper/November: séances d'informations am Secondaire
- 21.-23. November: Foire de l'Etudiant
- Dézember: Voyage de Noel

Vill vun den jonken Studenten kéinten jo elo mengen, si géifen fier d'éischt hieren Viirdiplom färddeg maachen, an dann an aller Rou sech emkucken waat et esou an der Industrie zu Letzebuerg get. Daat ass awer secherlech net déi richteg Astellung, well et némlech wichteg ass sech schon während dem Ufank vum Studium e Bild ze maachen waat vum Ingénieur verlaangt gett, an wéi eng Ing.'en iwwerhaapt gebraucht gin. Wichteg ass et och ze wessen wou én spéider Staagen an Diplomaarbechten maachen kann. Sou Informatiounen kennen én spéiderhin schon bei der Gestaltung vum Studium beaflossen (wéi z. B. beim Thema vun enger Studienarbecht, bei der Wiel vun engem Industriestage). Weider Informatiounen gin éch secherlech gär déi drei Comitésmemberen vun der ANEIL, déi hai zu Kaiserslautern studiéieren:

SCHOCKMEL Paul, Président

SCHUMACHER Alain, Sékretair

MICHELS Alex, délégué aux relations publiques

Tom

De Comité vun der A.N.F.L. fir 1991

Président:
7, rue Boettelchen
L- 4517 Oberkorn
Tel.: 589217

Paul Schockmel

Carl Euler Str. 24/110
D-6750 Kaiserslautern
Tel.: 0631/23897

Vice-Président:
25, chaussée blanche
L-8014 Strassen
Tel.: 319811

Neckel Pundel

Ehrenhalde 4
D-7000 Stuttgart 1
Tel.: 0711/2573431

Secrétaire général:
25, rue Haute
L-6680 Mertert
Tel.: 74323

Alain Schumscher

Glockenstr. 19
D-6750 Kaiserslautern
Tel.: 0631/93531

Trésorier général:
6, rue Pierre Anen
L-5813 Fentange
Tel.: 368819

Georges Axmann

Thomashofstr. 25
D-5100 Aachen
Tel.: 0241/154386

Délégué à la rédaction
du bulletin:
13, rue Ad. Diederich
L-5820 Fentange
Tel.: 36381

Joël Luzi

Gaußstr. 8
D-7500 Karlsruhe 1
Tel.: 0721/617160

Délégué à la gestion
des fichiers:
18, rue de l'eau
L-1449 Luxembourg
Tel.: 474547

Paul Hoffmann

Langmauerstr. 25
CH-8006 Zurich
Tel.: 0041/1/3615496

Délégué aux relations avec
les pouvoirs publics:
13, rue Jean Jaurès
L-1836 Luxembourg
Tel.: 442231

Alain Ennen

5, rue des Anges
B-4000 Liège
Tel.: 0032/41/529651

Délégué aux
relations publiques:
114, rue Michel Weber
L-9089 Ettelbruck
Tel.: 82836

Alex Michels

Theodor Heuß Str. 21
D-6750 Kaiserslautern
Tel.: 0631/16750

Délégué à l'information
professionnelle et
universitaire:
15, rue de la forêt
L-7227 Bereldange
Tel.: 337162 (339045)

Armand Biberich

Rindtheimerhauptstr. 18
D-7500 Karlsruhe
Tel.: 0721/615823


DEN KAAPENKLEPTOMAN

Wéi jidferén wés ass den Ostblock grad am Wandel,
Dofier bildt sech am Ament zu Prag én régen Kaapenhandel.
Och mär Luxi'en, ganz onbesuertg,
Hun den Händler daitsch Devisen bruecht.
An dunn, fier zwanzeg praisesch Kröten,
Gungen all hier Mutzen flöten.
Mär hun se opgedoen an sinn duerch Prag gerannt,
Souguer den Här Polizei huet ons net méi remerkannt.
Tonnen gudd hun mär ais all ameséiert,
Jhust én énzegen, dén waar verstéiert.
"Kuckt lech dach emol! Fannt Där daat richteg?
Där macht éch dach nemmen gär wichteg!"
An huet ganz einfach, wéi wann naischt wier,
Engem sain Képi geklaut, riit vun der Stier.
Et waar ewéi verhäxt,
D'Kaap hun mär nie mei erbléxt.

Et huet én mol schon squ éng Geschicht gehéiert,
Do woar och esou én, e bessen am Kapp gestéiert,
Dén kruut op éngem lessen sain Chaco geschuppt,
An huet domm aus der Wäsch' gekuckt.
Fier, déi vun Bréissel woar et e Riesenskandal,
- Fier ais waar d'Saach zimlech banal-
Si hunn dunn hier Konséquenzen gezunn,
An sinn flatsch aus der ACEL geflunn.

Et gett zweschen desen Storien gewessen Paralélen,
An Zukunft wärten jo dann nach yet Mutzen féhlen.
En ass ze färten, desen aarmen Student,
- Et handelt sech iwwregens em aisen Ex-Vize-President-
Dén hai als Kaapenkleptoman täteg ass,
Wann mär eis net wieren, sin mär och gleich ais Kalzongen lass.
Wann ech en gesinn an der Cafeteria setzen, total verdrémt,
Géif ech baal mängen et hätt em fierchterlech an d'Mutz gerént.

Michel SCHÜTZ



Leiw Memberen,

an desem akadeemeschen Joer ass een naien Posten am Comite agefouert gin: de Magasinier. Daat huet deen Vierdeel datt sämtlech Material vum L.S.K. elo op enger Platz ordentlech a geraumt gelagert an verwalt gett.

Eng genau Buchfeierung vun essem Material huet dann och gewisen, datt et do eng Parti Saachen gett, dei ze schued sin fier am Eck ze verstepsen. De Comite huet dofier decideiert datt sämtlech Material vun allen L.S.K. Memberen -geint d'Bezuelen vun enger klenger Kautioung gratis ausgeleint kann gin. Enner aunerem wären daat:

- Schwenkgrill mat Zubehör
- Glieser
- Kabeltrommel
- Fussbäll, etc.

Eisen Sportsminister huet och 2 fonkelnai ETRUSKO-Fussbäll bei sech doheem laien. Ween dei wellt ausleinen kann sech roueg un hien wenden.

Des Offer, fier Material auszeleinen, wärd am Laaf vum Joer nach mei interessant gin, well den Comite gedenkt eng Partie Nauschaafungen ze maachen.

Fier weider Informationounen kennt Dier eisen Magasinier kontakteieren:

BETZ Romain
Benzinoring 28
Tel: (KL) 65641



De gekachte Kéis

1. De Yankee ésst mat Genoss Filet Tartare,
de Russki schwiert op de schwaarze Kaviar,
beim belsche Noper do sin et Pommes de terre frites,
déi dir fir zwanzeg Frang op allen Ecke kritt.
Zu Marseille schluppt een d'Bouillabaisse,
den Homard mat der Mayonnaise,
zu Tréier gét et "in Gelee"
Schweinerippchen fir preisesch Mee.
Mee d'létzebuerger Stéit hun eng Spezialitéit,
et as kee Fleesch, 't as kee Geméis, et as de Kéis.

Refr.: Ei ei ei ei, mir hu gekachte Kéis,
't as ee Genoss, dat schmantécht gielt Gefréiss,
Kéis op enger laanger laanger Kuuscht, an en Humpe fir den Duuscht
Mat Botter drénner, drop e Moschter-flapp,
ei ei ei ei, wéi schmaacht et dann dem Papp.
Ma gidd uecht, de Kéis as némmen echt, wann e pecht, wann ... (3x)

2. Fir sou e gudde gekachte Kéis ze kachen,
do gitt belleiwen net an eng Molkerei
Eng Baurefra mat en etlech décke Brachen
bréngt iech déi Saach nach vill méi schneekech an eng Rei.
Geféngt, gepresst a gudd getriwelt, / gerappt, gefault, am Bett zer-
mautscht; / et as kee Mensch deen dat veriwelt,
duerno getriwelt an zerknautsch. / Jo d'létzebuerger Stéit ...

D'Hesperkutsch

En décken fette Bunnes an eng horéch Mutsch
Dei soutzen mól zésummen an der Hesperkutsch
Du sót den Fullepier zu sengém Mutschegre't
Lo kriss de mól è sfliegen an den Aasch gedre't

Refrain: An d'Saaf ass d'Been erofgelaaf
An d'Saaf ass d'Been erofgelaaf
An d'Saaf ass d'Been erofgelaaf, gelaaf

De Bunnes huet gehummiert è wor ee Genoss
An dë kaale Bauer ass a Stre'm gefloss
Den Aasch huet Spréng gedoen, dë Saak huet d'Rand
geschlon
O Jësses sót dunn d'Greit daat do huet gudd gedoen

O merde, sót d'Gre't, mëng Nenne sin steif wei eng Bull
An éch, sót dunn dë Pier, éch hun dë Kramp am Full
Daat alles wier nach naisch, hëss du den Rouden nät
Du geif éch der mól weisen wei een Mineu mëcht

Do hëllt jo d'Gre't dem Pier slin décke Full an d'Schness
Deen do, deen ass steif, dee schmaicht no Mandelnéss
Du sót den Fullepier, O Gre't du bass pervers
Lo huele mer d'Hesperkutsch a fueren op Anvers

An hues du als Student émol en Dëcke stoen
Da brauchs de döfir nach nät gläich op Léck zé goen
Den deen haal verstaan, den ... deen ass geflunn
An huet am Fliger sëch der schon è puer gezunn

Zu Léck do sonnt hien och scho gläich eng speckësch
Mutsch'
Mee hien wör saat an döfir wör slin Steiven futsch
Mai Jong gei du 'rën heem, sót d'Sau, gei zréck an
d'Schoul
Well éch brauch nät een Zíipchen, mee en décke Pou

Doheem huet hien d'Moral vun der Geschicht bëduecht
T'huet Sue kascht an éch hun nach kee firdeg bruecht
Wien nät mei bliischten kann, ass durfir nät verluer
Well fir zé flipp'ren geet och nach è Möllen duer

Un der Attert

Un der Attert, no beim Waasser
Wou déi groussseg Peppelen stin
Do wunn den Bauer, Pélichen Lauer
An sain Meedchen, d'Josephine

Refrain: O meng Modi, waat en Stodi
Voller Zodi, Josephine
Ech gesin dech nach e wéineg
An da gin ech, Josephine

Hier wor émpege, hatt wor dëmpege
Sou eng Nudeldampmaschin
Hien haat der neng an sengen Händschén
Durfir zeng haat der d'Josephine

... (Dem Redakter war bei den Text net bekannt)

...
An du rëtscht èt, an du glëtscht èt
Wupps an d'Baach, éist Josephine

D'huët gespruddelt, d'huët getuddelt
An der Attert, d'Josephine
Mee well ech d'Waasser schéien
Lossen ech èt léien, d'Josephine



FEI LEIT

Fei Leit gin zu Fouss de Pâk de firt mam Automobil

wé keng Fotell huet de setzt sech grad esou gär op t'Still

wé kâ Piano huet dé peift um Wondsteck mat Gefill

'jo dat kascht och net esou vill.

Glori, glori, glori, alleluja (3x)

Schett de Kaffi durch eng Strömp, mé huel nemmen nie eng fresch
lé deng Schmier op d'Bänk a stell deng Schong schéin op den Desch
hues de mol kén Esseg da schött Frenboise op d'Zalot
jo sou huet de gesôt.

D'Eisebunnerkanner hun hir Schong gudd ageschmiert
an all Platz vum Camp get mat der Zännbiscicht ausgekiert
an dat bescht Genéiss dat ass e Biffdeck vun zwé Pond
jo dat hällt de Kapp gesond.

A mir hun é Kach daat ass en artleche Kadett
bal sin d'Grompere blonn eng aner Kéier sin se fett
bal ass d'Möllech sauer a bal ass se öm zu Brach
an dat nenne mir é Kach.

Jupeidi

Wann mér moies buppen gin
Kennt der eis op der Gare gesin
D'Staangen héch an de Saak geschmiert
Wann den Zuch an de Bordel fier

Refrain: Jupeidi, Jupeida
Jupeidiada
Jupeidi, Jupeida
Jupeidiada

Feecken ass è sche'ne Sport
Mee eng Gâns ass se'er fort
Hues dé moies möl en Decken stoën
Muss dé schon nees pissee goen

Den Hexemeeschter

(Dicks)

Ech sin è groussen Hexemeeschter,
Well wann éch Hokes Pokes soën
Sin all Gespenster, wei all Geeschter
Mir énnerdoën! Mir énnerdoën!
Kéint eppes an dë Stall geschlach,
A muerges sin all Kéi gestraich;
Héllt séch anzwoi eng Traulicht op,
Sin Wichtzicher an enger Kichen,
A setzen d'Kribank nuets op d'Kopp:
Da kommen d'Leit mächt sichen,
Da kommen d'Leit mächt sichen,
A ... kuckeleil kuckeleil kuckeleil!
Den än'ren Daag, den än'ren Daag
Ass alles an der Rei.

Ech sin è groussen Hexemeeschter,
Well wann éch Hokes Pokes soën
Sin all Gespenster, wei all Geeschter
Mir énnerdoën! Mir énnerdoën!
Ass do an dem férwénschte Schlass
Am Licheschein der Deiwl lass;
We'sst gier én Eihemann Béscheid,
Op d'Fra, wann s'op dem Biesem reiden,
No Koppléscht mat danze geet,
Wien hellefst dann de Leiden?
Wien hellefst dann de Leiden?
Mé ... heieleil! heieleil! heieleil!
Kén äneren, kén äneren
Kén än're wéi deen hei.

De Feierwôn

(Michel Lentz)

Dë Feierwôn, deen ass bëreit,
E pâift duerch d'Lofi a fort èt geet
Am Dauschen iwer d'Strooss vun Eisen
An hien geet stolz dem Noper weisen
Datt mir nun och dë Wee hu sonnt
Zum e'weg groussen Vélkerbond.

Refrain:

Kommu hit aus Frankreich, Belgie, Preisen,
Mir wëllen iech ons Hémécht weisen;
Frót dir nô alle Säiten hin
Wei mir ésov zéfridde sin,
Frót dir nô alle Säiten hin
Mir welle bleiwen waat mir sin.

Mir haale fest un onser Scholl,
Fu Léift fir d'Land sin d'Hierz voll;
Wa mir och keng Millionen zielen,
Dir gët ons uechier d'Welt zé wielen
Mir ruffen all aus engëm Monn!
Kee bessert Land bëschëngt jo d'Sonn!

D'Katzerten vun K-Town

Onm igglech behuelen sech des Typen,
wann sie an der St d emkippen.
Den Olli,Wians,Steyer,Patrick an Tun.
katzen g ren h nert all Dun.

Sin sie mol an d cker Fahrt,
l it de Katz meterh ich um Lauterer Maart.

Den Olli zumols,am Hennenfa .
kratzt de Katz aus dem Baart sech selwer lass.

De Cort,katzt am l iwsten op eng zounen Dier,
well hien n t m i w s."Wou ass hannen an wou ass fir.

De Ponderosa ass och deck vertrueden,
do g t dem Adam an dem Little Joe naisch verbueden.
K nnen die Kleng n t m i sto n op hiren B n,
dr it den Hoss(alias Kick) se selwer h m.

F llt den Tun am Way Up vum Hocker,
katzt hien muerges schlemmer w i de Joe Cocker.

Mir d'Katzerten vun Kaiserslautern,
verspriechen duerfir h ich an heilig,
d n n chsten Katz ass gleich erem f lleg.

Glasterminatore

Mir 3 sin onheemlech domm Kadetten,
an fillen eis nuets w i stark Vedetten.

Hun m r dann ´t Patt gedronk,
frekt och ´t mol eng Klonk.

De Steve stolz ewei hien ass,
fresset sein Glas,an spult et erof seng Strass.

Ass de Pr si de Star an der Bar,
schmei t hien sein Pfand an d'Z pani g.

An de Schulze Misch ass och g r dob i,
an hien sch ist nie um Ziel verb i.
Riecht den H rsal op d'Tafel erof,
m e elo kritt och hien seng Strof.

Mir schummen eis fir desen Bl dsinn,
an loosen en an Zukunft besser sin.
Sin mir awer erem ausser Rand a Band,
huelen mir dann l iwer ´n Plastikbecher an ons Hand.

AMEN AMEN AMEN

AMEN AMEN AMEN

KLEESCHEN '90

Stuntmen vun Kaiserslautern

Eis Autoen sin den hellen Wahn,
zumol wann sie h nken am n xten B m.

Den Flepp zumols,kann k n Golf ganz gesin.
an manner w i 2 Wochen ass en erem hin.
De Bopi greift dann erem d if an d'Tesch,
De Golf ass dann erem w i fresch gew sch.


An och de Jang d n,hien huet ´t Golf.
  gringen.
wann hien em d'K ler kent,
ewei ´n Kingen.

Dan g t all Mensch einfach flach gefuer.
Iwerg bleiwt eng deck schwarz Spur.
Hien rent ganz g ren voll op d'Leit,
Drenner luch och schon d n klengen decke Feidt.


Mir wellen eis och bek erien,
a k n Golf vun elo un m i zerst ieren.
Mir fueren dann vun elo un mat manner Promillen,
an prob erien k n m i ze killen

AMEN AMEN AMEN

Understanding Computer Technology



EMFAALEN HUET NACH KENGEM GESCHUET ...
... GELL FREDDY...





ZEITUNG

... fir déi Leit, déi net mei fäheg waaren, un den Débaen déel ze huelen,
mä déi awer gären dohéem géifen matschwetzen, wann iwert d'REEL 90
zu K'Town riets gét.

A
C
E
L

L
S
K

Am Numm vun der A.C.E.L., dem LSK an dem Organisatiounskomite wéilen mir elo zum Ofschloss all deenen Leit villmols merci soen, déi duerch hier aktiv an finanziell Mathellef, d'REEL '90 zu Kaiserslautern eréicht méiglech gemaat hun.

Ee weidere Merci geet un all déi Studenten, déi op den verschiddenen Gesprächsronnen erschengt sinn.

Fir de Rescht wenschen mir nach deenen Leit, déi d'REEL '91 organiséieren, vill Erfollech vir daat nächst Joer.

Bob an Serge

P.S. Merci och un all déi Leit, déi hier Intelligenz léiwer an der Jugendherberg, wéi op den Débaten manifestéieren wollten.

Ee spezielle Merci dann och un di kleptomanech désorientéiert Psychopaten, déi dë Mangtum vun der aide financière durch Klauen hu missen ausglâichen.



RALLYE PÉDESTRE durch Kaiserslautern

Den traditionellen Rallye pédestre, den zu all REEL geheiert, huet och det Joer vill Fréd gemeet. obwuel dei meteologesch Konditiounen net onbedingt matgespiltt hun (et waar zimlech kaal) , hun d'Participant'en sech der Villfalt vun de Spiller an den Froebéi erfrét an probeiert alles esou gudd ewei méiglech ze maachen. sou huet dei Karlsruher équipe am Meter-Beier-drénken an enger Rekordzeit dei aaner équipes stoen geloss. Beim Loftballon-Raseieren hun dei aal Huesen aus KL gewissen wei en et soll maachen, wie sie et färdeg bruecht hun de Ballon an 1 sekoun futti ze maachen.

Richteg schweier waar et beim Beierschmaachen; Remarquen ewei " Waat e Knascht" oder "esou eppes sudeleges hun ech nach ni geschmaacht", hun eisen beschten Letzebuerger Beier charakteriseert. Di mannsten hun emei wei 2 vun 4 zorten eremmerkannt.

Zum Schluß gett dann hei der Vollständegkeet halber d'Klassement puplizéiert. Den Max vun de Punkten war 144.

1. Treier	104 Pkt
2. Namur / Adeb	103 Pkt
3. Di Aal an dei Well	101 Pkt
4. Karlsruhe / Stuttgart	99 Pkt
5. Montpellier/Suisse Rom. / Bruxelles	96 Pkt
6. Saarbrücken	85 Pkt
7. Aachen	69 Pkt
8. Nancy	50 Pkt



Ouverture officielle vun der REEL 90 am Stiftskeller vun der Stadtsparkasse

An dem schicken Kader vun der Stadtsparkasse hierem Stiftskeller, matsen an der Kaiserslauterer Aalstaat, huet d'Reel 1990 offiziell d'Luut vun der Welt erbléckst. An der Präsenz vu villen offiziellen Gäscht, wei den Här Minister Fischbach, den Här Oberbürgermeister Piontek, den Uni-Präsident Landfried, den Här Camille Kieffer vum CPOS huet aist Repoterteam och nach e ganzen Koup vun aisen Sponsoren entdecken können.

Et wär dunn och den Här Krier vun der BIL, dén als eischt d'Wuert ergraff huet. D'BIL huet och dess Keier erem vill gebueden well et waar sie, dei op d'Ouverture agelueden hat. Als zwéet huet den ACELs Präsident Bob de Waha den Micro a Beschlaag geholl an huet probeiert z' erläuteren, waat dann elo eng REEL wier. Dei wichtigste Remarque - dei d'Redaktion aus deser Ried zereckbehaalen huet - ass dei, datt d'Reel am Fong en Lieu de Rencontre vun den Studenten mat der Industrie, an emgedreint ass.

Den Chef vum Organisationskomitée, Serge Dentzer, huet dun de Program vun der Reel inhaltlech als eng "fuerweg Palett" charakterisiert a gemengt dass fir jideréen eppes Interessantes ugebueden geif. Den Här Dentzer huet dunn nach e puer Hannergron-informationen ginn waat d'Organisation vun der Reel betrefft. Et ass kloer datt esou eng grouss Manifestation vill Arbecht mat sech bringt an huet - esou wuertwiertlech - dénen "formidablen an dynameschen Leit aus dem Organisationskomitée", dei him zur Sait stinn, fir hier fantastesch Arbecht, Merci gesot.

Uschleissend waar et dann den Här Minister Fischbach, dén den Haaptriedner vum Owend woar. Fier d'eischt gouf den Premier Jaques Santer entschellegt, dén krankheetshalber net présent konnt sin ! Dunn ass en direkt d'Grondproblématik vun den Diskussiouenen mat de Studenten ugaang. Dei direkt Beihelfen, sou nom Här Minister, a Form vu Subsiden, Boursen an aaner materieller Ennerstetzungen hun sech an der Vergaangenheit an hierer Form bewährt. Mé wier et elo un der Zait, d'Struktureierung vun der staatlecher aide financière z'iwwerdenken. An desem Senn hätt d'ACEL och hieren Dél dozou baigedroen dei nai Wéer, déi an Zukunft ageschloen ginn viirzezéchnen. Den Här Fischbach huet betount dass d'Regierung sech hierer Verpflichtung vis à vis vun den Studenten bewosst wier. Sie wieren et schlüsselich déi den wirtschaftlechen an kulturellen Fortbestand vum letzebuerger Land garantéieren géifen. Dem Här Minister Fischbach séng Ried huet sech allerdengs net eleng op d'aide financière beschränkt; hien hut och nach e puer aaner Problémer ugeschnidden, dei de Student a sengem Unisliewen begeinen. Haibeit muss e unmirken dass net all Studenten dei selwescht Problémer hun, eleng schon duersch dei geographisch Laag bedingt. Mat dem europäische Binnenmaart, sou den Här Fischbach, geif och d'Rivaliteit zwischen den Unien mei grouss gin. D'Zuel vun den Studenten helt zou, an dodourch bestét d' Gefor dass dei auslännesch Studenten vill vun hieren Privilégen op der Uni verléieren. Fier dest ze vermeiden gett sech an den Regierung iwwerluet fier nett villaicht én eischt Uniszyklus zu Letzebuerg unzebidden, fier den Grondstudium op den Universitéiten ze entlaaschten. Dass Innovatioun géif och villaicht méi Industrien matt hieren Fuerschungsprojéen op Letzebuerg lackelen. Zum Schluss huet den Här

Minister Fischbach der Staat Kaiserslautern Merci fir hier Ennerstetzung gesoot an der REEL'90 dén Erfolleg versprach dén se verdingt. Den Oberbürgermeister Piontek huet direkt d'Sympathien vun dénen ronn 150 Nolauschterer fonnt, andéems en ennerstrach huet dass d'Verhältnis mat den Letzebuerger haut des Daachs besser wier wéi am 14. Jorhonnert, wou d'Staat Kaiserslautern un Letzebuerg verpfändet woar. Als besonneschen Geste waar d'Scheckiwerréchung vun der Staat Kaiserslautern un d'Organisateuren ze gesinn. D'Staat huet esou hier Ennerstetzung vum Projet REEL '90 nach ausgebaut.

Schlussendlech waar et den Alain Schumacher, Präsident vum letzebuerger Cercle zu Kaiserslautern, dén op de Buffet vun der Bil inviteiert huet.



Debat mam Monsieur le Ministre de L'Education Nationale, Marc Fischbach

Am Ufang huet den Här Minister Fischbach e kuerzen Iwerbleck iwert dei intensiv Arbecht zweschen der ACEL an dem Ministère gemaach.

Hien ass op dei positiv Afless ze schwetzen komm dei eist Land huet, well all eis Studenten am Ausland studeieren. Dest huet och eng immens grouss Auswirkung op eis Industrie, an dofir ass et eng Verpflichtung vun der Regierung fier dest nach ze fördern.

Daat neit Gesetz iwert d'aide financière get elo an den nexten Wochen färdelch gemach, sou datt den Gesetzesprojet gleich der Chamber fiergeluercht get. Den Här Fischbach rechent datt desen Projet am Hierscht 91/92 duerch ass an speitestens Januar 92 a Kraft tret.

D'aide financière géif dan wéi follged ausgesin: En Deel bourse non-remboursable an een Deel mat festen Zensen (2%). Den absoluten Plafond leit haut mat bourse, prêt ouni Zensen, prêt mat Zensen an Kannergeld bei 238.000 F. Am neien Projet gin elo 250.000 bis 260.000 F ugestrieft. Dei nei Regelung soll et dem Student erlauben, sei Studium selwer ze gestalten an sengem Bestriewen no mei Selbststännegkeet an Onoffhängegkeet entgeint ze kommen:

- Geet mei ewei een Kand aus enger Famill op d'Uni, get et vum zwete Kand un e Bonus vun 30.000 F.
- Eng weider Neierung wär eng Prime de Performance (eng emolleg Unerkennung vun der Leistung fir een ofgeschlossen eischen Zyklus).

Dest soll laut dem Här Minister eng Pauschal vun 30.000 bis 40.000 F sin; d'ACEL fuerdert awer 60.000 F. Fir des Prim ze kréien, muss een den eischten Zyklus an der Regelstudienzeit plus 1 Joer gemaach hun. Dono huet e keen Usproch méi op des "Prime de Performance". Nom Här Minister senger Virstellung wär des Prim och fir de Cours awer net fir den IST gelteg.

Hei huet den Här Minister eng Klammer op gemaach an drop higewisen, daat et an Zukunft emmer méi schwéier get fir letzebuergesch Studenten am Ausland op d'Unien ze kréien: Ons Premières oder 13^{ièmes} Examen gin ze streng bewert geintiwer den ausländischen Afschleß. Hei mist een elo bestriewt sin, fir een kompletten éischten Zyklus zu Letzeburg ze bidden, an daat och vir Auslännner.

E weider wichtige Punkt war den Permis de Séjour. Hei hun déi Montpellieer Studenten hiere Problem mat der carte de Séjour erklärt, den si mat hierem Préfet hunn. Den Minister Fischbach huet gesoot, dass vum Juni '92 un, eng "procédure non discriminatoire" giff gellen. Fraien, déi déi eenzel Verwaltungen vun den Letzebuerguer Studenten verlangen, müssen bezuelt gin, well d'Studenten an kengem sozial- oder arbechtsrechtlechem Verhältnis zum Studienland stinn.

Op den Problem mam Emschreiwen vun de Führerscheiner am Ausland ass den Minister Fischbach net agangen.

Beim Problem vum Mindestakommen vun Studenten beim Schaffen, (75% vum Mindestverdingscht) huet hien gesoot, dat hien nach mat sengen Ministerkollegen am Fréjor doriwer discutéieren wärt.

Um Punkt vun der Foire de l'étudiant huet en sech fir dat Messverständnis vum ze fréien Termin desst Joer entschellegt. Di nächst Foire ass fir den 21.-23. November '91 virgesinn. Hien huet och déi positiv Initiativ vun einzelnen Cercles begréift, déi Studenten mat Unioffiziellen gescheckt haaten, well desst een vill besseren Kontakt zweschen Schüler an Universitéit erméiglecht huet.



ERASMUS

Am Kader vun der REEL 90 zu Kaiserslautern huet d'Madame Ménage (responsable ERASMUS vun der Kommissioun vun der Europäescher Gemeinschaft zu Bréissel) ons iwert d'en ERASMUS-Programm informéiert, deen mir hei nach eng Kéier wëllen zesummenfaassen.

An der Europäescher Gemeinschaft liewen zur Zeit 340 Milliounen Leit, déi 9 Sprochen schwätzen. D'en ERASMUS-Programm ass geduecht, fir datt d'Studenten en Deel vun hierem Studium an engem aaneren Land vun der EG ofléen.

Et ass dëst nach en ganz jonke Programm, deen eréischt 1987 matt 3000 Studenten ugefaangen huet, an esou gudd ukomm ass, datt ét 1988 schonn 12000 1989 schonn 20000 Studenten waren, déi vun dësem Programm konnten profitéieren. 1990 sinn 45000 Demanden agereecht ginn. Obschonn hei eendeiteg eng steigend Tendenz ze erkennen ass, sinn dëst émmer nach immens wéineg Studenten, wann een bedenkt, datt 6 Milliounen Studenten op europäeschen Universitéiten ageschriwwwe sinn. A groussen Linnen kann een d'en ERASMUS- Programm an 5 Punkten opdeelen.

I Hélfel fir d'Universitéiten

Dorënner versteet een haapsächlech eng finanziell Ennerstëtzung fir:

- d'Mobilitéit vun d'en Professeren an sen- gen Assistenten ze förderen
- d'Cooperatiounspogrammen zwëschent zwou oder méi Universitéiten op d'Been ze stellen
- intensiv Programmen a ganz spezielle Fäll ze organiséieren

Zur Zeit existéieren ronn 2700 Cooperatiounspogrammen (PIC = Programme Interuniversitaire de Coopération), déi maximal matt 25000 ECU pro Universitéit an pro Joer kënnen énnerstëtzt ginn. D'Moyenne leit allerdengs bei 3000-4000 ECU.

II Boursen fir d'Förderung vun der Studentenmobilitéit

Dëss Bourse ass geduecht fir zousätzlech Frais'en, wéi z.B. Deplacementer oder méi héich Liewenshaltungskäschten am Gaaschtland ze decken. D'Utrecht op déi national Bourse verfällt heiduerch nëtt. 1. Fir an de Genoss vun dëser Bourse ze kommen, müssen folgend Kritären respectéiert ginn:

- et muss een mindestens 3 Méint an d' Ausland goen an et kann een nëtt méi wéi 1 Joer finanziell gefördert ginn.
- déi erbruechten Leeschungen op der Gaaschtuniversitéit müssen vollstänneg vun der Universitéit, wou een sein Ofschloss kritt, unerkannt ginn.
- ét gëtt versicht, d'Cooperatiounspogrammen op engem gegenseitegen Austausch optebauen.
- prioritär ginn Programmen berück- sichtegt, déi eng gewëssen Continuitéit garantéieren. D'ERASMUS-Demande, fir un engem PIC deelzehuelen, ass un d'Universitéit, wou een ageschriwwen ass, ze riichten.

2. Déi beschriwwen Kritären sinn bei deenen bestehenden PIC'en erfällt. Eng aaner Méglechkeet, eng ERASMUS-Bourse ze kréien, besteht doranner op eegen Fauscht en Openhalt am Ausland an Zesummenarbecht matt deenen entsprechenden Professeren ze organiséieren. Hei sinn d'Kritären vun II 1. och ze berücksichtegen. An dësem Fall ass d'Demande nëtt un d'Universitéit, sondern un de Ministère de l'Education Nationale

et de la Jeunesse ze riichten.

3. Dén doctorat = postgradué fällt énner déi selwecht Bestëmmungen wéi d'normal Universitéitsstudium.
4. Stagen am Ausland, déi innerhalb vum Studium virgeschriwwen sinn, kënnen duerch eng ERASMUS-Bourse remuneréiert ginn.
5. Dén gesamten ERASMUS-Budget émfasst am Joer 1990 60 Milliounen ECU, wouwun 32 Milliounen ECU fir d'Mobilitéit vun de Studenten opbruecht ginn.

III Boursen fir Visiten

Dëss Boursen stinn fir Professeren/Assistenten zur Verfügung, déi esou een PIC wëllen op d'Been stellen oder awer dën Oflaaf vun esou engem Programm wëllen iwwerpréifen.


Aaner Hëllefen

Een gewëssenen Budget steet fir Associationen zur Verfügung, déi op europäeschem Plang täeg sinn an als Ziel hunn am Bereich vun der Héichschoualausbildung ze informéieren. Et sinn ebenfalls Gelder zur Verfügung fir Publicationen, déi dëst Ziel verfollegen.

ERASMUS-Preis

Associationen, déi eng aussergewéinlech Initiativ op europäeschem Plang weisen, kënnen duerch énn ERASMUS-Preis gewürdegt ginn.

Ofschléissend siew nach drop higewisen, datt all Cooperatiounspogramm an engem Répertoire beschriwwen sinn, deen bei dém: Office des Publications Officielles des Communautés Européennes
2, rue Mercier
L-2985 LUXEMBOURG
kaeft kann ginn.



Débat matt der Banque Internationale à Luxembourg

Op d' Ureegung vun dem Organisationskomitee vun der REEL, huet d' BIL desst Joer nett d' Leit matt ominösen Chifferen iwert hier Geschäftter bombardéiert, mee ett gouffen zwee Themen proposéiert iwert déi d' BIL hieren Standpunkt soll duerleen. Daat éischt Thema ass iwert d' Finanzéierung vun Emwelt-frendlech Projeen gangen. Den Fernand REUTER , Direktor vum Departement "Grandes Entreprises" huet kuerz d' Finanzéierungsméiglechkeeten fier d' Entreprisen fiergestallt. Niewend dem klasseschen Kredit kann eng Firma duerch d' Emmissioun vun Obligationen oder iwert Venture Capital un Geld kommen. Ennert Venture Capital oder och Risiko-Capital genannt, versteht een Geld matt dem sech eng Firma , z.B. d' BIL, un enger anderer Firma finanziell bedeelegt. Sie bedeelegt sech also direkt um Erfolleg oder Meßerfolleg vun deser neier Firma. An der Regel gett Venture Capital an Firmen gestach, déi innovativ täeg sin.

D'Loi d'expansion économique gesäit verschidden Finanziellhelefen fir den Unternehmer fir, ewéi den Credit d'équipement , d'aide à l' investissement an e spezielle prêt zu besseren Konditiounen.

Waat emweltfrendlech Investitiounen ueblaangt, esou gin ett zu Letzebuerg keng favorabel Konditiounen. Op d'Fro, ob d'BIL fier emweltfrendlech Investitiounen besser Konditiounen fiergesäit, z.B. bei engem prêt fier en Auto mat Katalysator, huet den Herr Reuter gemengt, dat an der Hinsicht nach neischt fergesin ass , mee dat sie an Zunkunft doriwer nodenken giffen.

Daat zweet Thema ass iwert d' Bankplätz Letzebuerg am Zesummenhang mat dem Ost-Marché gaangen.

Hei huet den Herr Reuter festgestallt , dass d' westlech Gelder ganz spärlech no Osten fleißen, well den Risiko bei engem Investissement an eng Ost-Firma zervill grouss ass, wann keng Bilanzen, Geschäftsberichter asw. fierleien.

Ausserdeem ass d'Zenslaascht fir Krediter oft esou heisch, daß dess Finanzéierungsméiglechkeet ze deier ass fier eng Ost-Firma.

Aus dem Publikum gouff d'Befierchtung ausgeschwaat, daß de Westen sech am Ostblock duerch zervill kolonialistesche Allüren kinnt onbeleift maachen.

Zum Schluß huet den Daniel Philippi an den Marc Fettes en neit BIL-Produkt "BIL-Colleye" genannt, fiergestallt.

Ett handelt sech em en Package fier jonk Leit deen an Zesummenaarbescht matt der ACEL kréiert ginn ass.



ACEL

Als éischt ass op déi nai Réglementatioun vun der aide financière, sou wéi den Här Minister Fischbach si den Daag vierdrun confirméiert huet, agaangen. (cf. communiqué de presse vun der ACEL en annexe) Bemängelt gouf dass én, wäll déi nai Bestemmungen eréischt den 1. Januar 1992 a Kraaft trett, allerfréiestens am Summersemester '92 matt konkréten Ännérungen rechenen kann. Punkten déi nach gerégelt müssen gin, sin:

- d'Ausbezuelen vun der staatlecher aide financière, déi nom Gesetz 1 Joer méi laang wéi d'Normalstudiendauer ass, waat awer schon eleng an Daitschland vill Problemer matt sech bréngt.
- d'aide financière fir déi Lait, déi én 3^e cycle mattmaachen.
- d'Kritères fier d'Opdélung vun der aide financière Uschléissend huet den CELB proposéiert D'Zuel vun den ACEL's-Déléguéerten an den REEL's-Participanten pro Cercle fier all Cercle un hier jeweileg Memberszuel unzepassen. Desweideren sollen grouss Cercles méi ewéi eng Stemm bei Ofstemmungen kréien. Well d'Unzuel vun den Participanten un énger REEL all Joer vum ACEL's-Comité a vum jéweilegen Organisatiounscomité festgesaat get, gouf garantéiert dass daat néxt Joer grouss Cercles méi Participanten schécken dierfen ewéi déi méi kléng.

Waat d'Régelung vun den ACEL's-Déléguéierten ugét, koum et zu enger längerer Diskussioun. Wann, wéi vum CELB proposéiert, all Cercle pro 100 Memberen 1 Déléguéerten méi soll kréien, an d'Stemmrecht nett op 1 Stemm pro Cercle begränzt soll bleiwen, färten verschidden Cercles dass déi méi kleng Cercles iwwerannt kéinten ginn. Anerersäits, well d'ACEL d'Associatioun vun den énzelnen Cercles, an nett vun den énzelnen Studenten ass, stét an den Statutten dass all Cercle iwwert 2 Déléguéiert an iwert eng énzig Stemm verfügt. Schlussendlech gouf beschloss iwwert folgend Statuttenänderung oofzestemmen:

1. Unzuel vun den Déléguéierten pro Cercle:
min. 2; pro 100 Memberen 1 méi, Desweideren muss all Cercle d'Adressen vun séngen Memberen bis den 1. Februar eraginn.
2. Stemmrecht fier all Déléguéierten
D'Wahlresultaat fier den Punkt 1 huet folgendermoossen ausgesinn: Dofier: 9 Dogéint: 9 Enthalung: 5 Fier dass éng Statuttenänderung an der assemblé générale ordinaire zur Débatt kennt, muss én Drettel vun den Memberen (ronn 30 am Ament) fier des Ännérung stemmen. Et konnt also nach kén entgültegen Entschloss gefaasst ginn, well déi 7 Cercles déi geféhlt hun, nach müssen kontaktéiert ginn. D'Wahl vum Punkt 2 ass entfall. Montpellier, déi als énzegen franséischen Cercle hier Kandidatuur fier d'REEL 1991 gestallt huet, organiséiert, zur Fréd vun allen, d'REEL1991.

Débat écologique

Als Ofschloß vun deser Reel, an wourop och vill Leit gewaart hun, waar dun um Samsden am groussen Hörsall den Débat écologique. Opgedeelt waar déi ganz Saach an den Drèck, deen an all Stood ufällt, an an d'Em-weltbelaschtung duerch d'Industrie. De Fernand Klopp vun der Aneil huet ons fir d'éischt eng Iwersicht iwert déi ganz Problématik ginn. D'Quantitéit vum Hausmüll ass an den leschten Joeren emmer an d'Luucht gaangen (seit dem leschten Weltkrich an wéinst der staarker Konjunktur). Dobei huet sech d'Zesummensetzung och wesentlech verännert. Esoù faalen haut ronn 45% un organeschem Offall, 18% Papeier, 7% Plastik, 7% Glas un. Duerch dessen Drèck entstinn déi Problème ewéi d'Verschmotzung vum Drenkwaasser an d'Vergeftung vum Buedem. D'Léisung vir dessem Drèck lass ze ginn, kann een an drei Katégorien andeelen:

- Vermeiden vum Drèck
- Recycléieren vun den Réistoffer
- Beseitegen vum Drèck

Bei der Beseitegung vum Drèck kann een dann nach teschent dem Déponéieren (op den Tipp schedden), an dem Verbrennen ennerscheeden.

Déi einfachst Method vir den Drèck lasze-ginn, ass keen Drèck ze maachen. Als Bei-spill doofir kéint een z.B. nei Verfahren

entweckelen, déi manner Nieweprodukter produzéieren. Donievt kann een e Produkt vir de Klient oofreizen, z.B. an deem een de Produkt taxéiert, eng Ökosteier dropsetzt, oder duerch Genehmegungen Produktion ver-hennert. Een zweete Schrett vir dem Drèck lasszeginn, ass d'Recycléieren. Doduerch dass d'Leit hieren Offall aussortéieren, kann een ganz geziilt déi eenzel Réistoffer erem zereckverwandelen, daat esougenannt Recycléieren. Niewent dem Aspekt vum Drèck oofzebauen, kann en op dess Art a Weis och d'Reistoffer erhaalen. Ee weideren Virdeel, vum Sortéieren vum Drèck ass, dat keng Gefter an den Hausmüll kommen. De leschten an zugleich och problemateschten Punkt ass d'Beseitegen. Engerseits kann een dat duerch Verbrennen vum Drèck maachen, ewéi dat zu Letzeburg z.B. an der SIDOR geschitt, ewoù 70% vum ganzen Offall beseitegt get. Leider huet d'Verbrennung aawer niewt den Gasen wéi H_2O an CO_2 och nach aaner, aawer leider schädlech Komponenten. Donievt bleiwt nach 20-30% Vol als Schlack iwrech. Den Filterstëps außerdeem muss och op eng Sezialdeponie, déi et nüt am Land gët. Déi zweet Méiglechkeet ass déponéieren op den sougenannten Drèckstippen. D'Problemer dovun sin den "Landschaftsverbrauch" ewéi och Problemer mam Sicker-waaser etc.. Den Emweltminister huet dunn als nächstes d'aktuell Situation beschriwen. Hien bedauert et, dat et leider nach keng

Reglementation

vir den Hausmüll gët. Außerdem existéiert nach keen Ofallentsuergungsgesetz. Hien huet och verschidden Verwertungssystemer kuerz ernimmt. Allerdings ass ausser divers Containeren vir Papeier, Batterien, Fleschen an der Superdrèckskescht nach net alzevill geschitt. Allerdings konnt hien ons iwert den Pilotprojekt "Monnerech" informéieren, den Verwertung vum organeschem Offall virgesait. Am Bereich vun der Entsuerung huet hien dunn op d'Problemer vun der SIDOR higewisen. Och waar hien net iwert den Ausrüstungsstandard vun den aaneren drei Drèckstypen erfreet. No dessen zweù Afféierungen ass dunn nach iwert divers Méiglechkeeten vir d'Reduzéierung vum Drèck, déi ech nemmen kuerz ernimmen well.

- Tax fir Verpaackungen, déi net recycleierbar sinn.
- Reknahmepflicht vir Verpackungen
- Verbuet vun verschiddenen emweltschädlichen Produkter, ewéi z.B. PVC
- Fuederung vun Ofallbilanzen bei neien Betrieb.
- "Erzéitung" vum Lëtzebuerger, dat hien d'Ufuederungen déi un hien gestallt sin (a punkto Emwelt), erfellt
- Problemer bei der Arichtung vun neien Deponien
- Müllentsuergungstaxen. An dessem Punkt leien mir zu Lëtzebuerg komplett falsch, well een seng Dreckskescht fix op d'Joer be-

zillt, an net op den Inhalt

- Problemer beim Recyclage vun Plastik, well de Kuddelmuddel aus denen villen d'Sorten Plastik nach lang keng uerdentlech Qualitéit ass.

Den zweeten Deel vun dem Débat war dunn ganz am Zeechen vun der Emweltbelaschtung durch d'Industrie. Hei waaren dun och d'Vertieder vun der Industrie, nähmlech der ARBED an der DuPont un der Reih (Déi Hären vun der Eurofloor haaten den Schwanz beigezunn !!!).

Den Här Munhoven vun der ARBED huet ons dunn matgedeelt, dat hier grouß Problemer engerseits duerch den Steps, aanerseits duerch schädlech Zousatzstoffen entstinn. Hien huet allerdings betoùnt, dat d'ARBED hieren Betrieb um *leschten* Stand vun der Technik hält. Außerdem sin si derbei, eng Pilotanlaach am Bereich vun der Produktioùn vum Thomasmiel an Betrieb ze huelen. Leider ass et hinnen net emmer méiglech, all Produktionsplaatzten an den néidegen ökologeschen Standard ze setzen. Den Vertieder vun der DuPont huet ons duerno iwert hiere Problem (Déi berühmt berüchtegt FCKW'en) informéiert. Si sinn aawer derbei, den Austoùß op een Minimum ze reduzéieren. Allerdings sinn hier Wärter am Moment weit ennert der virgeschriwener Norm. Doriwer eraus sinn si am Gaangen, eng Pilotanlaach ze bauen, déi op FCKW'en ganz verzicht. Dobei ass awer nach ze be-

mirken, dass den TYVEC ganz recycleierbar ass. Hieren zweeten Problem ass deen vun hirer Kläranlaach. De Schlamm, deen hei erauskennt, leit enner allen erfuederten Grenzwerten, leider ass et duerch d'Gesetz Industrieschlamm, sou dat en op eng Sonderdeponie kommen muss.

An engem leschten Punkt as den Här Minister dunn op d'Eurofloor ze schwetzen komm. Hei leit de Problem, dat desse Betrieb net besser kann schaffen (mat de Méiglechkeeten déi si am Moment hunn). Et kann een awer elo den Betrieb net einfach zoù machen, waat mat enger Arbeitslosenzuel vun 800 Leit verbonnen wier.

Kuerz notéiert...

- virun 34000 begéschterten Lait huet den 1. FC Kaiserslautern am Spetzenspill vun der Woch duerch eng geschlossen Mannschafts-léschtung 1-0 duerch e Gool vum Guido Hoffmann géint Werder Bremen gewonnen, an sech domatt un d'Spetzt vun der Bundesliga gesaat.

- ronn 500 Liter Béier sinn op der Fete am Kramladen an den duuschtechen Strassen verschwonnen. Dobei kommen nach 18 Liter Tequila, 60 Liter Jobolais, Batteriesaier, Brennspiritus an aanert Gedräcks...

- 1000 DM Kautiouun an én Führerschéin huet é vun aisen Stroosbuerg Gäscht fier éng Promillentour am Auto bezuelt.

- 300 % méi Fluchopkommes huet déi amerikanesch Airbase vun Ramstein zenter dem Ufank vun der Golfkrise ze verzéchnen. Erstaunlecherweis ass laut Statistik d' Kaméidisbelaschtung fir déi Kaiserslauterer d'selwescht bliwwen...

- Dann nach den ausdrécklechen Wonsch vum Toni a vum Claude: Well si mengen si wieren nach net genuch opgefall, ernimmen mär si hai nach émol extra.

REEL Sprech '90

- Fazit vun der REEL:
Kappensetzung matt Konsequenzen

- Léiwer eng REEL zu Montpellier ewéi ouni Stâp en hôtelier

- Stopp de Bop
esoss get et en Flopp
Brems den Tsärge
esoss léit en um Gartenzwerg

- Léiwer PROST(ituéiert)
ewéi ACEL's Deleguéiert

- Op't Wais vum "Glory Glory..."
Hätt den Neckel den Bus geholl
dann hätten nach sein Schéin (2-)
an och kéen Protokoll
R: Glory, Glory halleluja...

ALEM

Och wann de Gesondheetsminister hei waar,
eisen Bréisseler Schreftführer waer awer um
Wee fir Heem! Fir et an der medezinescher
Sproch ze formuléieren: Transplantation de
membres.

SES-RTL

Well d'Broschüren vun der CLT an vum
ASTRA esou schéin sinn, ech selwer och an
desem Débat net waar, ass jidderen gebie-
den, déi Broschüren durchzeliesen, an, bis
dass de LEO vun K'Town erauskennt, all
Sonnden um 22³⁰ zu TUTTI-FRUTTI et op
RTL-Plus ze kucken.



Gezundheit! D'vun den Alem erop
es' ja nix a' dochte g'm. Et' wéi jengs haben et
dei net zentraliséiert? I' neiget datt' et
hier mit den Parteien v'zich et' legt' datt' d'CLT
et' net zentraliséiert, datt' et' net zentraliséiert.
K'heie améit' et' net zentraliséiert, datt' et' net zentraliséiert.
D'vun den Alem erop es' ja nix a' dochte g'm.
Et' wéi jengs haben et' net zentraliséiert?
D'vun den Alem erop es' ja nix a' dochte g'm.
Et' wéi jengs haben et' net zentraliséiert?

Zukunfsperspektiven vum audiovisuellen Secteur zu Letzebuerg.

Op desem Débat, dén am November op der REEL zu Kaiserslautern gehaalen gin ass, waren repräsentéiert:

- Compagnie Luxembourgeoise de Télédiffusion (C.L.T.)
- Société Européenne des Satellites (S.E.S.)
- Service de l'Audiovisuel et des Médias vum Ministère de l'Etat

Dei lescht ernimmten waren och dei, dei sech als éischter viergestallt hun, an zwar duerch den Jean-Paul ZENS, én Mann dén matt wéineg Wieder ganz séier den Léit verständlech gemét huet waat dén, virun kuerzem gegrennten Service, soll. Zu Letzebuerg gett et neierdings én Gesetz, daat et Produktiounsgesellschaften erméiglecht, fier dei zu Letzebuerg "gedréinten" Produktiounen, Steiererliichterungen ze kreien. Duerch dest Gesetz well eisen Staat, graad esou wéi den Bankensecteur et färdeg bruecht huet fier nai Bankinstituter op Letzebuerg ze zéien, dei nai Industrien op Letzebuerg lackelen, fier aus Letzebuerg én "Médiaport" ze maachen. An desem Kontext huet den Guy DALEIDEN all déi nai Berufssparten an Karrièren dei zu Letzebuerg am Kommen sin, kuerz ernimmt. Daat sin un éischter Plaatz emol alleguerden "d'métiers du cinéma", dei vum Script iwwert den Cameramann, den Touningénieur, dem Régisseur bis zum Scénarist ginn. Zu München an zu Paris ginn et speziell Schoulen fier dess Beruffer ze léieren. Letzebuerg muss op desem Gebitt nach esou munneches ze verbesseren, bedingt duerch déi Taatsaach dass an der Richtung um éducativen Plang nach naischt existéiert.

Doropshinn huet eng 3^{er} Délégatioun (Karin SCHINTGEN, Gérard LOMMEL an Claude ...) d'C.L.T. viergestallt. Des Firma ass an divers Beraicher opgegliddert. Dén éisten ass dén vun den Radiostatiounen. D'C.L.T. ass mettlerweilen matt séngen 8 Radiostatiounen an 10 Sproochen, weltwäit den No 1 waat d'Privatsender ubelaangt. En zwéten Beraich ass dén vun den Fernsehprogrammer. o ass d'C.L.T. un 6 Fernsehprogrammer bedélegt, siew et andéems se d'Statioun besetzt, Haapt- oder nemmen Délaktionär ass. Dunn huet d'Mme SCHINTGEN én wuel nett esou bekannten Bereich viergestallt, an zwar dén vun der Produktioun an vum Verleih vun Filmer an Fernsehbiller. Zu der Spart gehéieren 2 Filmproduktiounsgesellschaften, déi sech matt der Produktioun vun Fernsehspiller an "Game-Shows" oogginn, eng Filmverleihgesellschaft, eng Gesellschaft fier Werbespots an Videoclips an den Centre Européen de Recherche de l'Image et de Synthèse (CERISE), dei dräidimensional Computergraphiken fier den Fernseh hierstellt. Doniewt ass d'C.L.T. un weideren 80 Gesellschaften bedélegt. Zu dénen gehéieren divers Zeitungen, iwwer 15 Musiksverlagsgesellschaften, eng Software Firma, den RTL-Symphonieorchester an esouguer eng Assurance-Gesellschaft.

Hai op deser Plaatz wier nach dobeizefügen dass an der spéideren Tribune Libre d'Lait hierem Onmut vis-à-vis vun der Qualitéit vun munchen Radio- an Fernsehprogrammen, fier dei d'C.L.T. schlussendlech responsabel ass, frei gelooss hunn. D'Lait waren enger Ménung, waat zum Beispill d'Qualitéit vun RTL+ ubelaangt, mé do huet d' Madame SCHINTGEN just op den Martundél vun iwer 11%, an der Spetzenpositioun enert den Privaten an Däitschland erennert. Dest waren natürlech keng Argumenter fir de Publikum, dém seng Ménung, dass fir d'C.L.T. d'Qualitéit gläich der Aschaltquot ass, nemmen bekräftegt gin ass. An engem allgemengen Gelächter huet d'Madame SCHINTGEN, als hätt sie nach nie an dén "esou gudden an intelligenten Programm" erangekukt, versicht d'Stang rücht ze haalen.

Zu gudden Lescht huet dun den Constant WAGNER d'Wuert kritt, fir d'S.E.S. virzestellen. D'S.E.S. ass eng zu Letzeburg agedroen Gesellschaft, di sech dorem kemmert Fernsehgesellschaften hir Programmer duerch ganz Europa ze verdélen. Säit Dezember 1988, den Zäitpunkt wou den éischten Satellit ASTRA 1A mat Hellef vun der Arianerakéit op eng geostationär Bunn gescheckt gin ass, verlounen sie 16 Transponder (Kanäl) op dém Satellit. Hautzedaags kennen 20 Milliounen Haushalter déi Programmer empfänken. Sie maachen dat entweder duerch Direktempfang, Gemeinschaftsempfang oder nach iwer Kâbel.

Zu Betzduerf, Setz vun der S.E.S. zu Letzeburg, kontrolléieren sie d'Biller déi d'Haushalter kréien, grad esou wéi d'Positioun vum Satellit dém seng Bunn ständeg korrigéiert muss gin. Den ASTRA "schwemmt" an engem Cube vun 80 km Kantenlängt, dén en nie verloosse soll. Am Februar '91 get en zweeten Satellit, den ASTRA 1B, eropgescheckt an kennt op déi selwecht Orbitalpositioun. Bei Inbetriebnahme vun dém zweeten Satellit gin dann dénen iwer 20 Milliounen Haushalter 32 Programmer ugebueden. Wéi réischt no der REEL bekannt gin ass, sollen bis Enn 1994 weider 2 Satelliten eropgescheckt gin. Esou sollen dann 3 vun 4 Satelliter ständeg Fernsehbiller eroofschecken, dén aneren soll als Reserve dengen, falls emol én kuerzfristeg ausfaalen sollt. Déi Satelliten sollen och all fir déi nei Fernsehtechnologien (High Definition Television an D2 Mac; Bildgréisst am Verhältnis 16:9 anstatt 4:3) matgeduergt sin. D'S.E.S. gesäßt sech als eng Firma déi sech ewéi en "Zeitungsstänner" behelt. Sie bitt den audiovisuellen Medien hiren Service un, fir en méiglechst grouss Publikum ze eréchen. Sie ass an dém Senn europäesch, well 80% vun hirem Aktienkapital sech op Firmen aus 6 Länner verdélen, woubäi keng Firma méi wéi 10% vun den Aktien dierf hun. Zu Letzeburg sin dât d'BIL an d'Banque Générale.

Oftgeschloss ass dun den Débat gin duerch déi virdrun erwähnten Tribune Libre, wou d'Leit Froen konnten stellen, an sech d'Vertrieder beméit hun esou gudd wéi méiglech drop ze äntworten.

Jos GIANNANDREA

Wollt' wiede r'cumme am mäutte? Denk' nich mehr n'plastisch, d'nd' d'neue. D' Kästchen mit d' Läf
vun d' Türe, d'neu plazent' h'ab' wi' d' Türe. D'neu d'neu, d'neu d'neu, d'neu d'neu, d'neu d'neu

Impressum

Wollt' wiede r'cumme am mäutte? Denk' nich mehr n'plastisch, d'nd' d'neue. D' Kästchen mit d' Läf
vun d' Türe, d'neu plazent' h'ab' wi' d' Türe. D'neu d'neu, d'neu d'neu, d'neu d'neu, d'neu d'neu

Chefredakteur a Layout von Michel Schütz. Das Blatt wird redigiert von Michel Schütz und Claude Stein. Die Redaktion ist demnach "BIL" (Büro für Information und Lokalzeitung).

Tipp-Ex

Claude Lentz

Reportä

Marc Kaatz

(Fischbach)

Gilbert Lauth

(Erasmus an net Or-

Claude Deitz

gasmus mat der Mad.

Nico Schmit

Ménage)

Paul Schockmeier

(huet net mat der BIL

op d'Stroos gekatzt)

Fred Meis

(ACEL—ALEM—RTL)

Lex Michels

(Müsli-Débat)

Tom Majeruss

Fred Meis

Jang Beissel

Lex Michels

Rasende Reporter,

net nemmen vir eng Stonn

Dess Sendung get lech präsentiert von Adari Kombudä an Verbindung

mat engem schnellen Druggä (dem Mich sei ganzen Stolz)

An leschter Sekonn: De Löthör Démésior höt uns verköfft

Zehn Ratschläge zur Bekämpfung der Schulangst

- Finden Sie bei Ihrem Kind zuerst die Ursache der Schulangst heraus. Oft handelt es sich um ganz einfache Probleme, wie Streit mit den Kameraden, Aufregungen im Schulbus, schlechte Bank in der Schule usw.
- Für das Benehmen eines Kindes ist oft sein Körper verantwortlich. Sind Sie sicher, daß Ihr Kind nicht krank ist, daß es sich gut ernährt, daß es gut sieht und hört? Kinder äußern ihre Schulangst auf die verschiedensten Arten: Kopfschmerzen, Magenschmerzen, Husten, Nägelkauen, Bettnässen, Schlaf Schwierigkeiten und Verstörtheit können Warnsignale sein.
- Seien Sie realistisch in Ihren Erwartungen. Messen Sie den Punkten und Leistungen keine übertriebene Bedeutung bei. Für schwache Schüler könnte dies nämlich eine große Belastung darstellen: Gute Schüler können die Tendenz haben, sich zu überschätzen. Auch Eltern dürfen nicht unter schulischen Leistungsdruck geraten.
- Wenn die Hausaufgaben zu schwer oder zu lang sind, ärgern Sie sich nicht über die Schule im Beisein Ihrer Kinder. Ihre Haltung der Schule gegenüber beeinflußt auch die Haltung Ihrer Kinder. Kritisieren Sie niemals die Lehrperson in Gegenwart Ihrer Kinder!
- Lassen Sie Ihr Kind seine Hausaufgaben selber machen. Nachhilfestunden können manchmal nützlich sein, können aber nicht alle Lücken schließen, wenn die For-
- derungen der Schule die Fähigkeiten Ihres Kindes überschreiten.
- Verwechseln Sie Intelligenz nicht mit Freude am Lernen oder mit Schulreife. Auch intelligente Kinder können unreif sein. Wenn Ihre Kinder überfordert sind, zögern Sie nicht, sie die Klasse wiederholen zu lassen.
- Sollte es nicht klappen, so seien Sie nicht gleich entmutigt, wenn keine Lösung parat ist. Sie können von der Schule erwarten, daß sie das Beste für Ihr Kind tut, aber es ist nicht immer die Schuld der Schule, wenn Kinder schlechtere Leistungen vollbringen. Geben Sie nie die Hoffnung auf, daß es besser gehen wird. Ein gutes Klima hilft, das Beste aus der Intelligenz eines Kindes zu machen.
- Trimmen Sie Ihr Kind nicht mit speziellen Büchern, Spielsachen oder Fernsehprogrammen. Sorgen Sie zu Hause für eine gemütliche Atmosphäre. Das wichtigste ist der einfache Kontakt vom Erwachsenen zum Kinde, der von Herzen kommt.
- Das beste Mittel gegen Angst ist Vertrauen: Das Kind muß sich auf seine Eltern verlassen können, ohne daß sie es erdrücken, auch nicht mit übertriebener Liebe und Aufmerksamkeit. Das Kind benötigt auch seelisch Raum, um zu leben und zu wachsen. Es muß Horizonte sehen, nach denen es sich richten kann. Auch eine zu große Unruhe des Kindes kann ein Warnsignal sein. Sie erlaubt es nicht, Gefühle zu vertiefen oder Kontakte aufzubauen.

FIER WEIDER INFORMATIOUNEN
IWERT D'ANEIL :



MAIER
(08 21) 57 84 75
Mo.-Fr. 10-21, So. 10-17 Uhr

51 Jahre alter,

reicher Arzt, wünscht sich männlichen Nachwuchs durch Heirat mit gesunder Arerin, jungfräulich, jung, bescheiden, sparsame Hausfrau, gewöhnt an schwere Arbeit, breithüfig, flache Absätze, keine Ohrringe.

Zuschriften unter Nr. [redacted]

Raum Hamburg. Englischlehrer gesucht von sexy blondem Mädchen (22). Bezahlung in Naturalien. Tel. 040/280 18 86

Daat eenzeght intelligent op deser Sait: Deemnächst, wahrscheinlech (!?) regelmäisseg, 1 mol d' Woch Piano-sowend zu Landstuhl am Cafe Marecage mam HARDT Pol um Piano. Genau Terminer; c.f. Letzebuerger Bried!!!

DES LASCHT AM GOLF:



4 Testen Sie Ihre Persönlichkeit

Entscheiden Sie sich für folgende Feststellungen durch Ankreuzen der vorgegebenen Antworten „stimmt“ oder „stimmt nicht“.

Auswertung:

Fro 1-5:

Wien hai e puermol "stemmt" gesoot huet, ass schweier psychesch desequilibreiert. Am Beschten wier et dejeenegen giff sech friwelleg fier eng Expeditioun op den Mars mellen, dei mei wei 6 Joer laang dauert.

Fro 6-8:

Wien hai "stemmt" äntwert, dierf op kee Fall vergiessen den Potti mat op den Mars ze huelen.

Fro 9-13

All Respekt fier dei dei op Fro 9, 10 an 12 mat "jo" äntweren. Fier dei wier et am Beschten sech an deser Branche direkt eng Zukunft ze sichen. Deijeneeg, dei awer op d'Froen 11 an 13 mat "stemmt" geäntwert hun, kennen vun Gleck schwätzen, well dei dmerikanesch Armei hellt keng Lenks mat an den Golf!

Fro 14 an 15

Wenn hai "stemmt net" seet, brauch guer net ze probeieren fier beim "Wort" en Job ze kreien. Wann mer allerdings alleguerten "jo" soen, schecken dei Clunien eis d'Wort villeicht erem fier naischt op den Desch...


Fro 16

"stemmt net" = Ligener

Fro 17 - 24

Wien op d'Fro 23 mat "stemmt net" äntwert, huet am Beschten Spillschoulsjoffer ze gin. Wann Fro 18 an 21 mat "jo" beäntwert gouf, bass de gudd fierr an den MacDonalds Hammi'en grillen ze goen. Fro 20 ass gleich "stemmt", dann mell dech an den Comite!!!!

1. Ich bin ein besonderer Sendbote Gottes.
stimmt/stimmt nicht
2. Meine Seele verläßt manchmal meinen Körper.
stimmt/stimmt nicht
3. Manchmal höre ich Stimmen.
stimmt/stimmt nicht
4. Ich höre seltsame Dinge, wenn ich allein bin.
stimmt/stimmt nicht
5. Manchmal kommen mir seltsame Gerüche
stimmt/stimmt nicht
6. Einmal oder mehrmals im Monat habe ich Durchfall.
stimmt/stimmt nicht
7. Ich habe keine Schwierigkeiten Stuhl zu lassen oder Stuhl zu halten.
stimmt/stimmt nicht
8. Ich muß öfter als andere Wasser lassen.
stimmt/stimmt nicht
9. Ich hatte niemals Unannehmlichkeiten wegen meines sexuellen Verhaltens.
stimmt/stimmt nicht
10. Mein Sexualleben ist zufriedenstellend.
stimmt/stimmt nicht
11. Ich fühle mich sehr stark von Personen meines eigenen Geschlechts angezogen.
stimmt/stimmt nicht
12. Ich traume viel von sexuellen Dingen.
stimmt/stimmt nicht
13. Mit meinen Geschlechtsorganen ist etwas nicht in Ordnung.
stimmt/stimmt nicht
14. Ich glaube an die Wiederkunft Christi.
stimmt/stimmt nicht
15. Ich bete mehrmals in der Woche.
stimmt/stimmt nicht
16. Ab und zu lache ich über einen unanständigen Witz.
stimmt/stimmt nicht
17. Ich gehe gern ins Theater.
stimmt/stimmt nicht
18. Ich habe keine Angst vor Schlangen.
stimmt/stimmt nicht
19. Ich wurde gern Bibliothekar werden.
stimmt/stimmt nicht
20. Ich denke oft schneller als ich spreche.
stimmt/stimmt nicht
21. Ich gehe gern auf die Jagd.
stimmt/stimmt nicht
22. Ich bin Mitglied in mehreren Vereinen.
stimmt/stimmt nicht
23. Ich habe nie mit Puppen gespielt.
stimmt/stimmt nicht
24. Ich liebe Gedichte
stimmt/stimmt nicht



Une virtuosité à toute épreuve



Pour maîtriser un instrument de musique, talent et assiduité doivent aller de pair. Et ce n'est qu'au bout de nombreux efforts que l'on parvient à jouer sur mesure.

A la BIL, aussi, notre savoir-faire est le fruit d'une longue expérience. Voilà pourquoi nous parvenons aujourd'hui à interpréter au mieux vos désirs.

Flöte und Pianoforte
für
DEIN

BIL: Le sur-mesure bancaire. DEIN

herausgegeben

